



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 218 vum 22. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Stëmmt et, dass ee Patient bei de Sessioune beim Psychotherapeut, déi elo vun der CNS rembourséiert ginn, net ka vum Tiers payant social Gebrauch maachen?

2. Falls jo, firwat ass dat esou a planzt d'Ministesch hei séier z'intervenéieren, fir nozebesseren?

3. Falls nee, mengt d'Ministesch net, dass et wichteg wier, hei eng Circulaire un déi betrafte Psychotherapeuten ze schécken, fir si iwwert den Tiers payant social opzeklären?

Am Moment kënnen d'Sessioune vum Psychotherapeut net iwwert den Tiers payant social iwwerholl ginn. Den Tiers payant social applizéiert sech aktuell just op d'Rechnunge vun den Dokteren, den Zännokteren an op verschidde Bluttanalysen esou wéi et an der Konventioun vum 28 Dezember 2012¹ virgesinn ass.

Et wäert awer analyséiert ginn op et méiglech ass d'Akten vun der Psychothérapie an déi bestehend Konventioun iwwert den Tiers payant social ze integréieren. Dofir mussen awer Verhandlungen gefouert ginn tëschent dem Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil, dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, der CNS an der FAPSYLUX.

De Paiement immédiat direct deen elo scho bei de Generalisten agefouert gouf, gëtt no a no och bei deenen anere Spezialisten a Gesondheitsberuffer en Place gesat, esou dat den Assuré da just nach seng Part muss direkt bezuelen.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

¹ Convention du 28 décembre 2012 conclue entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la Caisse nationale de santé portant institution du tiers payant social.